Coupe Patrick Riehl

zu Lamadelaine beim Joé

Haut Samsdes den 7. März 2015 haten d'Fëscher vum Fly Fishing Club aus Lëtzebuerg sech zu Lamadelaine op den Weiheren getraff fir éng zweet Editioun vun der Coupe Patrick Riehl auszefëschen, et handelt sech heibäi ëm een Frëndschaftsfëschen zum Gedenken un eisen verstuerwenen Member, den Patrick Riehl. Den Patrick wor een leidenschaftlechen Méckenfëscher an eis een gudden Frënd deen eis leider vill ze fréih verloos huet. Et haten sech also 18 Fëscher anfond fir zesummen an Équipen vun all Kéiers zwee Fëscher dës Coupe auszefëschen, mir haten vun Ufank aus un den festen Wëllen aus der Coupe Patrick Riehl een Fëschen ënnert Gläichgesënnten ze maachen, déi och wann et ëm éng Coupe geet, et awer sollen fäerdeg bréngen mat vill Freed ee schéinen Dag zesummen beim Waasser ze verbréngen, dohir kënnt och d'Iddi an Équipen ze fëschen ewell dat d'Gesellegkeet nach méi an den Virdergrond stellen soll. Mir haten dëst Joër bei eisen Memberen een Startgeld gefrot dat awer integral an den Besaatz vum Fëschweiher investéiert gin ass mam Hannergedanken, dass d'Fëscher erréicht richtég zefridden sin wann Sie och hir Fësch fänken !

Nodeems d´Équip ronderem déi zee Jempiën, den Luss an den Albert, d´Stänn gesat haten hun mir eis an der Buvette getraff ewou mir d´Équipen bei énger gemitlecher Taas Kaffi ausgeloust hun. Séier haten sech 9 Équipen fond an natiirlech sin déi üblech Kommentaren heibäi net ausbliwwen, „ Oh mam wann déi doten Zwee och nach zesummen fëschen dann gewannen Sie bestëmmt „ oder „ gesäis De mir hun erëm déi schlecht Plazen gezun“ jee ee bëssen sportlechen Éiergäiz stécht an ons Allen dran an gehéiert och onbedéngt dozou. Séier woren d´Staangen montéiert an schon stuungen mir prett do fir dass et konnt ungetuut gin.

Moies sin zwou Manchen gefëscht gin an Mëttes och zwou. d´Équipen hun mat honnert a l´heure ungefaangen an et sin direckt vill Fësch gefaangen gin., natiirlech woren och erëm déi éng oder anner Ausnahm dobäi esouwuel wat d´Gréisst ewei och wat d´Zort vun den Fësch unbelaangt. Déi gréissten Forell wor dem Raymond Paulus vergönnt an Sie hat 60 cm, dodernieft woren awer och erëm zwee kléng Hiechten gefaangen gin an allgeméng gesin konnt d´Resultat mat 115 gefaangenen Fësch sech och weisen loossen. Gewonnen huet d´Équipe Patrick Bartholmé / Jemp Hoffmann mat am ganzen 27 Fësch an 1578 Punkten, déi zweeten Plaz huet d´Équipe Dan Muno / Meis Fränz beluet mat 21 gefaangenen Fësch an 1237 Punkten an fir den Podium ofzerënnen koum d´Équipe Äender Jung / Luss Dilk op déi drëtten Plaz mat 16 gefaangenen Fësch an 928 Punkten. Mir woren dann och ganz houffreg dass onseren Präsident et sech och dëst Joër net huelen gelooss huet den Gewënner d´Coupe Patrick Riehl ze iwwerreechen. Héich erfreet woren mir och dass eisen Sekretäir den Arendt Erny eisem Frëndschaftfëschen bäi gewunnt huet an eis domader ënnerstëtzt huet.

Natiirlech muss ech fir ofzeschléissen awer och nach ee puer Wieder iwwert eis Jessen las gin. Mir haten teschent den Manchen éng kléng Paus angeluecht, énger Säits fir eis ze erbloosen mée annerer Säits awer och fir den Fësch d´Chance ze gin sech ee bëssen ze sammelen. Béiden Säiten huet des Paus wirklech gudd gedoën an mat Genoss hun mir eis vum Joé Ham, Fritten an Zalot zerwéieren geloos. Mir hun schéin dobäi gemeet an et wor och dës Kéier esou dass mir eis den Dessert an Form vun Äppeltoart erréicht bei der Coupeiwwereechung schmaachen geloos hun. Et ass keen hongreg vum Dësch gaangen an Mëttes haten och vill Fëscher ee bëssen Krempes fir sech ze bëcken mée déi zousätzlech Kaloriën hun mir awer Alleguer erëm séier verschafft. Et wor och dës Kéier een harmonescht Frëndschaftsfëschen wat séngem Numm all Éier gemeet huet. d´Fëscher woren Alleguer mat vill Begeeschterung bei der Saach an awer stung ëmmer den Sënn vun dësem Zesummensin am Virdergrond an esou freën mir eis elo schon op éng drëtt Editioun vun der Coupe Patrick Riehl am nächsten Joër. Elo bleiwt mir nëmmen nach den Opruff fir dass méiglechst vill Memberen eiser Generalversammlung, den 20. März Freides Owes beim Joé, sollen bäi wunnen an domader weisen dass eisen Club

Hinnen éng Häerzensungeleenheet ass. Hei gët den Bilan vum ofgelaafenen Joër gezun, d'Aktivitéiten fir dat neit Fëscherjoër präsentéiert an duerno déi vergaangen Saison unhand vun éngem flotten Film erëm opliewen gelooss.